



ALEM a.s.b.l.

Association Luxembourgeoise des Etudiants en Médecine

The Luxembourgish Medical Students' Association

ALEM Studenteninterview

Numm : Nathalie

Studiestad : München

1. A wéi engem Joer/Semester bass du ?

3.Joer / 5.Semester

2. Vu wéi enger Sektoun bass du komm? Bass du gutt op de Studium virbereet ginn?

C; ech war gutt op de Studium virbereet, duerch eng gutt Basis an der Bio, Chimie a Physik hat. Ech war och duerch d'Aart an Weis, wéi bei mir de Bioscours op 2e an 1ère opgebaut war, gewinnt Notizen ze huelen a sinn dofir gutt an den Virlesungen eens ginn.

3. No wéi enge Critèren soll een denger Meenung no seng Unisstad eraussichen?

Dat wichtegst ass, dass een eng Stad wíelt, an der een sech wuel fillt. Et soll een och kucken ob een well oft heem fueren oder net an deemtsprechend eng Stad wielen, déi méi wäit oder no vu Lëtzebuerg ewech ass. Da kann een och nach kucken ob een léiwer iergendwou ass wou ëmmer eng lass ass, oder ob een et léiwer ganz roueg huet an doropshin soll een d'Gréisst vun der Stad wielen. Bei mir zu München z.b. ass all Weekend eppes lass. Well München awer zimmlech wäit fort ass vun Lëtzebuerg kommen ech net oft heem op Lëtzebuerg.

4. Wéi schwéier hues du dir mat der Admissioun gedoen? (Nott, Examen d'admission, etc.)

An Däitschland geet d'Admissioun iwwert Hochschulstart an et zielt just d'Moyenne aus dem Premièresexamen an d'Resultat vum Mediziner-test. Den Mediziner-test (TMS) ass awer net op all Uni obligatoresch mee et gëtt oft "Pluspunkten" an steigert d'Chancen fir ugeholl ze ginn. (liicht Ännerung 2020)

5. Wéi bass du mat denger Uni zefridden?

Ech si mat menger Uni ganz zefridden. Mir hunn interessant Coursen an déi ech gär higinn. An der Anatomie haten mir "Präparierkurs", wat ech immens wichteg fannen well um richtege Kierper alles ganz anescht ausgesäit wéi an den Bicher. Mir haten och vill aner Praktika wou mir interessant Experimenten gemaach hunn z.b. zu den Sënnesorganer, de Muskelen, dem Kreeslaf, Duerch des Praktika gëtt alles méi anschaulich an et ass eng gutt Ergänzung zu den theoretische Virlesungen. An der "Vorklinik" haten mir och schonn bëssen Anamnese an kierperlech Untersuchung geübt. Dat wäert elo an der Klinik alles verdéift ginn.



ALEM a.s.b.l.

Association Luxembourgeoise des Etudiants en Médecine

The Luxembourgish Medical Students' Association

6. Wéi ass et mat der Fräizäit?

Wéi vill Fräizäit ech hunn hänkt ëmmer dovun of wéi eng Fächer ech grad hunn. Et ginn Zäiten do hunn ech méi Fräizäit an aner Zäiten manner. Allgemeng hunn ech awer ëmmer Zäit fir nieft dem Studium nach Sport a Musek ze maachen, an och mat Kolleegen ze kachen oder Concerten kucken ze goen. Virun de Klausuren an virum Physikum gëtt d'Fräizäit da leider bësse manner, mee dat ass dann awer just fir eng begrenzten Zäit.

7. Sinn deng Virstellungen vum Studium erfëllt bis elo?

Jo.

8. Hues du schonn Stagen gemaach? Géings du se éischer zu Lëtzebuerg maachen oder net?

Ech hunn bis elo 3 Infirmièrestagen (Pflegepraktikum) zu Lëtzebuerg gemaach. Ech war ze fridden zu Lëtzebuerg an maachen och vläicht iergendwann nach eng Kéier een Stage do. Meng nächst Stagen well ech awer elo an Däitschland oder soss iergendwou am Ausland maachen fir nach aner Gesondheetssystemer kennen ze léieren.